

## Chamberwale vum 8. Oktober 2023 : « Dispositif électoral » vum radio 100,7 an der offizieller Walcampagne

**15. September 2023** – D'« Principes directeurs pour les élections législatives du 8 octobre 2024 », déi d'ALIA de 26. Juni 2023 op Basis vum Artikel 35 vun der Loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques festgeluecht huet, gesi vir, datt d'Redaktioun vum radio 100,7 an engem geschriwwenen « Dispositif électoral » duerleet, wéi d'Redaktioun virgesäit, de Walkampf ze couvréieren. Déi offiziell Walcampagne an de Medie leeft zënter dem 4. September, an nach bis de 7. Oktober 2023. Den Dispositif gëtt Woch fir Woch aktualiséiert. Dëst ass d'Aktualiséierung vun der zweeter Versioun vum 8. September.

An deem Kader deelt d'Redaktioun vum radio 100,7 folgend drëtt Versioun vum Dispositif fir d'Chamberwale vum 8. Oktober 2023 mat:

### **Table ronde iwwert de Klimawandel an de Logement**

D'Table ronde, déi an de Richtlinne festgehale gouf, gëtt de 17. September vun 10:30 Auer bis 12:00 Auer um radio 100,7 live diffuséiert. Déi 10 Parteien, déi de Critère erfëlle fir bei der Table ronde dobäi ze sinn, sinn invitéiert.

### **Invité:e vum Dag**

Och während de fënnf Woche vun der Walcampagne an de Medie thematiséiert d'Redaktioun vum 100,7 moies um 7:30 Auer am Format Invité:e vum Dag d'Chamberwalen. Well et e Format ass, dat och un d'Aktualitéit gebonnen ass, kann et nach zu Adaptatioune kommen.

Invitéeën zënter dem 4. September waren: Ali Ruckert (KPL), Philippe Schannes (Volt Luxembourg), Roy Reding (Liberté) vs. Frank Engel (Fokus), Xavier Bettel (DP), Luc Frieden (CSV). Invitéeën an enger Table ronde iwwert de Klimaschutz waren: Joëlle Welfring (déi gréng), Martine Hansen (CSV), Michel Lemaire (ADR), Myriam Cecchetti (déi lénk). An der Woch vum 18. September geplangt sinn: Paulette Lenert (LSAP), Sam Tanson (déi gréng), Joe Thein (Konservativ). Invitéeën an enger Table ronde iwwert d'Gesondheetspolitik sinn: Carole Hartmann (DP), Jean-Claude Schmit (LSAP), Claude Wiseler (CSV), Steve Schmitz (Liberté).

Nom 25. September si weider Eenzelinterviewe geplangt mat Spëtzekandidaten a Spëtzekandidatinne vun all de Parteien, déi bei dëse Chamberwahlen untrieden. Dernieft si moies vu 7:30 bis 8 Auer zwou weider thematesch Table rondë mat Verrieder vun de Parteie geplangt, déi mat komplette Lëschten untrieden.

### **Reportagen an Hannergrondbäitrag**

D'Redaktioun vum 100,7 wäert och weider déi grouss Theme vun dësem Walkampf mat Reportagen an Hannergrondbäitrag, déi haaptsächlech an eiser Moiestranche tëscht 7 an 9 Auer diffuséiert ginn, belichten.